

Ech, ech, ech ... majo, an?

Als Sprooch-Plogesch ginn ech zimlech dacks gefrot, wou da mäi Gewudders mam Lëtzebuergesche hierkënn. Haalt elo dovu wat dir wëllt, mä hei ass et ganz kuerz:

Dat huet vrun allem 1967 (50 Joer!) mat der systematescher Iwwersetzung vu Fabele vum La Fontaine ugefaang; do virdru (passiv) mat der Begeeschterung iwver Gedichter vum Marcel Reuland an dem Tit Schroeder, déi mir et am „**Brunnen 1**“, dem däitsche Buch fir d'Septième ugedoen haten (merci Jos. Groben!). Duerno ass et jo dann „teimerweis“ komm. De 17. Febuar ginn et 46 Joer, datt ech de Jemp Bertrand an de Charel Malané owes um „UKW/Kanal 18“ héieren hunn, wéi si d'Gründung vun engem Veräin fir eis Sprooch virgeschloen hunn, déi „Actioun-Lëtzebuergesch“, deer hire 45. Gebuertsdag mir dat lescht Joer haten ... deemools **e wonnerbaren Zoufall**: Genee deeselwechten Dag hat ech (no de schrëftlechen a prakteschen Examensdeeler) mëttes am Schoulministère am „Hellege Geesch“ eng Diplomaarbecht vun 160 Säite fir e Professorat am „*Enseignement secondaire technique*“ virun enger Commissioun presentéiert. Mäi „Mentor“ ass den Englesch-Professor Marcel Schiltz gewiescht; seng Kollege Carlo Meintz a Léon Noesen hunn assistéiert. Den Titel vun der Aarbecht: **Plädoyer für das Luxemburgische im manuellen Berufsbereich ...** natierlech op Däitsch; deemools huet jo nach kee fir esou eng Saach un d'Lëtzebuergesch daerfen denken. Resultat: eng fein Distinctioun.

An deene Klassen, wou ech dosendeweis Jongen a Meedercher aus allméigleche Beruffsgebitter „am Franséschen hat“, war mir de Gedanke komm, datt si d'meescht keng blatzeg Iddi vun den Aarbechtsgäng an dem Geschier op Lëtzebuergesch haten, mat deenen si an hirem Beruff ze di kruten; datt déi Ausdréck no an no giffe verschwannen, war gewosst ... **esou ass äre Schreiwert dann op déi Schinn gero-den, wou et drëm geet, eis Sprooch e bëssen ze versuergen. Bis wuer déi Schinn geféiert huet, hätt ech mir deemools mengerwäreng ni gedreemt.** Et war eng ganz aner „Approche“ wéi déi pur wëssenschaftlech vun eise genialen Robert Bruch, och wéi d'Sprooch-Schinn vun deene fläissegen an dichtege Leit vun der Dictionnaire-Commissioun, grad ewéi d'Fassong vun den héich respek-téierte Gedichter-, Theater- a Literatur-Schreiwerten. **Et gong em d'Sprooch selwer!**

Net ze vergiessen, **datt fir d'Lëtzebuergesch an deene fréie Joeren um Radio an op der Televisioun d'Däitsch wéi en Tsunami iwver eis klinzeg Sprooch eragebrach ass.** Well eis Sprooch nun emol e germanesche Stack huet, long et ganz no, datt d'Houdäitsch d'Lëtzebuergesch an deene „Medien“ a vrun allem „bei de Leit“ ëmmer méi ausgehillegt huet; vun eiser geschriwwener Press emol net ze schwätzen ... mä wann een dat esou seet/schreift, da kritt ee vu Besserwässer oder schaufelen Iwwerleeër direkt eng Zort „Germanophobie“ mat alle méiglechen „-istereien“ iwver de Kapp gestrëppt.

Wa mir d'Bänner vun den Emissiounen vun de 60er- an uganks de 70er-Joeren nach hätten an **e Verglach mam Radio- an TV-Lëtzebuergesche vun haut** giffe maachen, da giff munnech engem de Mond opstoe bleiwen ... ower direkt wier vun „Evolution“ rieds, déi dach normal wier. Dat stëmmt zwar, ower wat heescht dann hei „normal“? Ass dat „schnell“ aplaz „séier“ – oft aplaz *dacks* – zousätzlech aplaz *nach dobäi* – inwändeg aplaz *bannewänneg* – Ameis aplaz *Seejomes* – Daachstull aplaz *Gespäer* – laitue/rognons/bouchée aplaz *Heederzalot/Éiercher/Paschtéit-chen* – Géisskan aplaz *Strenz* ... moien „Entwécklung“! De Paul Leuck, de Jean Wester, de Léon Moulin, de Jos Hess, den Heng Rinnen, d'Margot Fritz, de Pier Kellner asw.: Déi hunn e Lëtzebuergesch um Radio geschwat, dat e Genoss war; ganz „normal“, net extra „gesicht“ an absolut net iwverdrüwen ... scho **guer net „knuppderdupp“ aremséileg aus däitschsproochegen Agence-Texter eriwver-gelackelt.** Den Nic Weber an en etlech vu senge Mataarbechter haten hiert Lëtzebuergesch och „drop“, ower dunn ass et lassgaang; Nimm sollen hei keng genannt ginn ... mä „gare“ wann een hinnen op d'Gäbberche geklappt huet. Wien huet eppes dogéint gemaach? Kee Wëssenschaftler, kee Literatur-Mënsch, keen Dichter, kee Schreiwert! Dobäi haten an hu mir e sëlliche kapabel Leit, déi sech einfach un d'allgemeng Aarbecht FIR EIS SPROOCH hätten a giffe kënnen ginn. Et deet mir leed: Mä doran huet kee mir eng zerguttst Hand ugepaakt! D'Ursaach: **Angscht, et kënn een emol queesch bekuckt ginn. Majo, an?**

Firwat dann elo „Fiederen“?

An der Zäit konnten déi allermannst Leit sech e Luxusbett leeschte wéi mir haut. An der Matress ware „Kréng“, also Pærdshoer (cf. *crins/crinière*). Méi wie kann sech nach drun erënneren, datt dat Dénge vun Zäit zu Zäit huet misse lassgemaach ginn

vum Lex Roth



(Zeechnung: O. Jaminon)

an déi zesummegedréckte Kréng dann „opgerappt“ guffen. Et huet och alt geheescht, et giff een op de „Matresse-Bal“ goen, wann ee fréi an „d'Klapp“ gong, wann een net „eraus“ gong (wat ass eis Sprooch ower aaaarm). **Am Diwwi ware Plommen; „Fiederen“?** net grad dat Feint, vill ze spat gewiescht... deer hate mir jo nëmme fir ze schreiwten.

E „Fiederbett“ hate mir net; dat war nun emol e „Plommebett“, wat ower éischer fir den Diwwi gemengt war. „Aus de Fiedere“ konnte mir net kommen, héchstens aus de Plommen, oder der Kautsch! Ënnert der Matress waren/sinn dann zwar metalle Fiederen, mä **dee „Ressort“ ka jo bei deem Sproch net gemengt sinn.** Wat sech alt zäiteweis mol ënnert dem Bett gesammelt huet, da ware „Fisemen“. Well et an de Kënnercher hirem Bettchen zimlech dacks strutze-fiicht war, guff et eng méi bëlle Manéier: si hunn op engem „Kuewebettche“ geschlof, dat mat „Kuef/Spreu/ivraie“ erëm séier geféllt war.

Schreifweis: eng Turlatäin!

Wann et am Gespréich iwver d'Schreifweis vum Lëtzebuergesche geet, héiert een **ëmmer erëm déiselwecht Turlatäinercher.** Déi gelungenst ass ower: „Ech schreiw wéi ech wëll“... ouni drun ze denken, datt da knapps een deem aneren säi Geschreifs liest, wa jiddereen seng eegen Orthographie gebraucht. **Eng ziviliséiert Schreifweis ass nun emol eng „Norm“**, an eng Norm ass do, fir datt jiddereen deen anere kann an enger Saach verstoen: och de „Meter“ ass näischt anescht wéi eng Norm, grad esou de Kilo, DIN A fir Schreifpapeier a maandelweis Normen op deene verschiddenste Gebitter ... firwat?

Déi sech et am Schwéierste mat deer „Norméierung“ gemaach hunn an och nach eiser Deeg Krämpes mat Normen hunn, sinn d'Engländer (all Zort „Moossen“); natierlech huet de „Brexite“ och deelweis mat deer Mentalitéitskränkt ze dinn. Mä **wat wëllt ee vu Leit hunn, déi scho mat engem eenzege Bustaf an hirem Geschreifs weisen, datt si „splendidly isolated“ sinn:** huet emol den „o“ bei „cover (kawer)“, *over* (ouwer), *movy* (Muwi), *more* (moar), *hot* ... an dat maache mir a Milliounen alles mat a **léieren et ouni ze knadderen, ouni emol driwwer nozedenken.** Am Franséschen ass et deelweis grad esou, ower **am Lëtzebuergeschen ziele mir all Kazenhoer extra!** Firwat?

Mir ginn een „huelen“

Hei denkt knapps een drun, datt mir et bei dësem Ausdréck mat typeschem Lëtzebuergesch ze dinn hunn. Mä am Däitsche wier ee mat „*einen holen gehen*“ do-laanscht; „*aller prendre un*“ wier och nach kee lupperengt Fransésch a „*going to take one*“ wier zimlech koppeg Englescht ... d'Wuert „koppeg“ huet iwregens, grad ewéi „knubbeleg“ och alt näischt mat deenen 3 Sproochen ze dinn!

Mir hunn nun emol **kludderweis Wieder, Ausdréckweisen an dees, wat de Fransous „tourneures“ nennt, wouriwwer bal keen sech deen allermannste Gedanke mécht ...** just déi Elementer ginn dem Lëtzebuergeschen säin eegent Gesiicht. Iwregens hu mir zu eiser 5 vru Joeren **e ganz Buch voll deer „Saachen“ zesummegesicht an ënnert dem Titel „EISES“** bei eiser Actioun-Lëtzebuergesch publizéiert (dir kënn et nach op enger vun eisen Adressen hei uewe kréien!). Et ass eng Zort „Wullkuerf“, an deem jidderee schéppeweis Material fénnt, mat deem een haushéich iwver „Humpegesprécher“ erauskënn, wéi mir se dann elo gläich an der Chamber ze héiere kréien, op d'Manéier: Vill Gedäisch a rosewéineg Woll!

2 Petitiounen ...

... hu mir jo dann elo **an der Chamber fir déi iwvernächst Woch um Programm.** Déi eng hätte gär alles op Lëtzebuergesch; déi aner stäipe sech ferm dogéint. D'Wouerecht läit, wéi sou dacks an enger gesonder Mëtt ... dofir nach eng Kéier mä klenge Saz, deen ech – aus bal enger Stonn Interview erausgepëtz – op der TV gesot hunn: **Zevill, net genuch an ze mann, dat si keng Moossen!** Et schéngt kloer, datt bei deem Gezermeschtters am „Héigen Haus“ rosewéineg erauskënn bis op e sëlliche warem Loft ... an **duerno fuere mir esou wieder.**

Mir vun der Actioun Lëtzebuergesch si fir eng verstänneg Léisung: Allgemeng gebraucht, wichteg a verständlech Gesetz- oder Reglement-Texter solle roueg och an eiser Sprooch publizéiert ginn, mä net à la Radio/TV; z. B. de „Code de la Route“. Wat fir eng nach? Dat soll eng extra Commissioun vun der Chamber decidéieren. **Sproochlech ass et dann och nach net egal, wat fir ee Lëtzebuergesch dofir gehol gëtt ...** mä dofir hu mir jo ee vum Grand-Duc ernannte „*Conseil permanent pour la langue luxembourgeoise*“ mat engem Aarbechtsgrupp „Dictionnaire“. Loosst mer dat Besch hoffen.